PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 02/01/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz, Wirtschaft & Finanzen weiderzeleeden.

Aktuell gesäit et duerno aus, als géif de Lëtzebuerger Wunnmarché an eng nei Logementskris stierzen. Déi kumulativ an explosiv Präishaussen um Wunnmarché aus deene leschte Joren zesumme mat der restriktiver monetärer Politik vun der europäescher Zentralbank hunn dofir gesuergt, dass manner Suen an de Wunnmarché fléissen an dowéinst gëtt elo manner kaf a gebaut. Bei den Zuele vum STATEC gesäit een zum Beispill ee Réckgang bei de Baugeneemegungen vu ronn 30%.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wei vill Ventë vu Wunngebaier an Terraine sinn d'lescht Joer bei den Notairen enregistréiert ginn, opgelëscht pro Mount?
   Wéi hunn déi Zuelen sech am Verglach zu de Méint vum Virjoer entwéckelt?

2. Wéi vill Immobiliëkreditter goufen d'lescht Joer ënnerschriwwen? Wéi huet sech dës Zuel am Verglach zu de Virjoren entwéckelt?

3. Wat ass d'Duerchschnëttsdauer vun den Immobiliëkreditter, déi d'lescht Joer opgeholl goufen? Wéi huet sech dës Zuel par Rapport zu de Virjoren entwéckelt?

4. Wéi vill Immobiliëkreditter mat fixem Zënssaz iwwert déi gesamt Dauer vum Kredit goufen d'lescht Joer ënnerschriwwen? Wéi huet sech dës Zuel am Verglach zum Virjoer entwéckelt?

5. Wéi vill Immobiliëkreditter mat variabelem Zënssaz goufen d'lescht Joer ënnerschriwwen? Wéi huet sech dës Zuel am Verglach zum Virjoer entwéckelt?

6. Wéi vill Immobiliëkreditter mat fixem Zënssaz, mee op eng limitéiert Zäit (taux fixe révisable) goufen d'lescht Joer ënnerschriwwen? Wéi huet sech dës Zuel am Verglach zum Virjoer entwéckelt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten